N° 58 | SEPTEMBER 2021

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun September 2021

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung Fëschbech
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Daniel HOTTUA
Marc LAUX
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
„Hieselmaus"

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

---

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 59/2021 ass den 30/11/2021.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

## GEMENG

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
    Infoen zu den SIDEC Poubellen 12
    Verknaschtung vun der Daebecht 14
    Pollution de la «Daebecht» 15
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
    Spuetestëch Step Angelsbierg 16
    Kéidenger Brill 17
    Virowend vun Nationalfeierdag 18
    Nei Gefierer fir de Service Technique 20
Veräiner aus eiser Gemeng an aus der Sportshaal Filano 22

## ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

Aktivitéiten an der Schoul 36
Foussgängerführerschäin 44
D'Kanner aus der Angsber Schoulléiere Madagascar kennen an spende fir de gudden Zweck 41
Coupe Scolaire 45
Nei Bänken 46
Schoulrallye 48
Summeraktivitéiten an der Maison Relais „bei de Kueben" 50

## WAT WAR LASS?

Albinusfeier 58
Mammendagsfeier op der Héicht 60
Léiffrawëschdag 61

## REPORTAGE

Eng Bronzemedail fir de Vrehen 's Paul bei der Trakterweltmeeschterschaft 62
De Spëtzbouf vu Fëschbech 64

## GEBUERTSDAG

Mir gratuléieren 66

# Virwuert



Summer 2021! Deen wäerte mer sou bal net vergiessen! Sou änlech huet mäin Virwuert d'lescht Joer och ugefaangen, ma et ass dëst Joer net vill aanescht... En relativ kale Summer mat vill Reen an heftegen Iwwerschwemmungen, an de Corona Virus beschäftegt eis och nach emmer...

Mat den Iwwerschwemmunge ware mir bei eis an der Gemeng, Gottseidank, des Kéier gréisstendeels verschount bliwwen, net wéi e puer vun eisen Nopeschgemengen. Ech well och dofir heivu profitéiere fir eise Jonge vum Technesche Service Merci ze soen, déi no den Iwwerschwemmungen an d'Fiels hëllefe raumen a botze waren. Mir haten och deenen anere betraffenen Nopeschgemengen eis Hëllef ugebueden, déi awer net iwwerall direkt gebraucht gouf. Mir hunn awer trotzdeem der Mierscher Gemeng konnten a Form vun engem Depannage hëllefen andeems mir engem vun hire Veräiner eist Veräinshaus zur Verfügung gestallt hunn.

Donieft konnte mir der Gemeng Noumer eis Containeren zur Verfügung stelle fir Miwwelen asw aus de Leit hiren iwwerschwemmte Kelleren a Wunnengen z'evakuéieren.

Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft ënnert de Gemenge gouf wärend den Iwwerschwemmunge vu Mëtt Juli net nëmme bei eis an der Regioun mee queesch duerch eist Ländche grouss geschriwwen.

Bei eis an der Gemeng gouf et jo nom Staarkreen vum 14. op de 15. Juli bekanntlech e Problem mat der Qualitéit vum Drénkwaasser. Uewerflächewaasser war an d'Quellefaassung „Laangegronn" eragelaf. Et gouf séier reagéiert, preventiv gouf d'Populatioun informéiert an déi néideg Prouwe goufen geholl an am Labo analyséiert. Leider hunn d'Resultater e bessen op sech waarde gelooss, wat net iwwerall op Versteesdemech gestouss ass. Ech wollt op dësem Wee och nach eng kéier drop hiweisen datt mir en SMS System hunn fir an esou Fäll d'Leit direkt ze informéieren. Wann Dir nach net sollt dovu profitéieren, da kenn Dir iech gratis op *www.sms2citizen.lu* aschreiwen.



*Vereedegung vum Marc LAUX de 6. Mee 2021.*

Säit Ufank Mee ass de Poste vum Gemengentechniker dann och endlech rëm besat. Ech wënschen dem Marc Laux vill Erfolleg bei sengem Job.

De PAG an de PAP-QE sinn dann och an der Schlussphase ukomm, sou datt mer hoffe bis Enn des Joers och eist Bautereglement, an domat dann den Dossier PAG kënnen ofzeschléissen.

An der leschter Zäit ass et leider ëmmer rëm zu Vandalismus op dem Site vun der Angsber Schoul komm. Leider goufe Fënstere vun dem Schoulgebai oder och Clôturë vun dem Terrain Multisport express futti gemaach. Mir sinn am gaange Mesuren auszeschaffen fir de Problem an Zukunft an de Greff ze kréien. Dëst ass awer och een Appell un Iech, falls dir eppes gesitt oder matkritt punkto Vandalismus ronderëm eis ëffentlech Gebaier, soll Dir dëst w.e.g. bei eis op der Gemeng mëllen. Merci am viraus fir Är Hëllef!

Ech wënschen iech nach vill Freed mat dësem Gemengeblat a bleift gesond!

Mat beschte Gréiss,

*Patrick GROTZ*
*1. Schäffen*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 24 mars 2021

| | |
|---|---|
| Présents: | DAEMS Fränk – bourgmestre;<br>GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;<br>BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude - conseillers |
| Absents excusés: | OLINGER Kevin - conseiller |

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 223.450,42 € sont approuvés.

2. Le Conseil communal approuve l'avenant à la convention relative à la constitution du GAL LEADER Regioun Mëllerdall portant prolongation de la période LEADER jusqu'au 31 décembre 2022.

3. Le Conseil communal décide de donner son accord de principe d'adhérer à un futur groupe d'action locale LEADER dans la région Mullerthal pour la période 2023-2029.

4. Une indemnité mensuelle de 12 points indiciaires est allouée au membre du personnel remplissant la fonction de délégué à la sécurité.

5. Considérant qu'il y a lieu de fixer les conditions et les montants des subsides à allouer aux sportifs méritants, le Conseil communal approuve le règlement y relatif proposé par le collège des bourgmestre et échevins

6. Le Conseil communal arrête provisoirement un règlement général de police.

7. Le Conseil communal ratifie un contrat de concession de sépulture au cimetière de Fischbach.

8. Le Conseil communal est demandé de donner son avis quant au classement comme monument national de plusieurs édifices sis sur le territoire de la commune.

   A 7 voix contre 1 (Schiltz) le Conseil communal émet un avis favorable concernant le classement comme monument national des immeubles suivants appartenant à la commune de Fischbach:

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 223.450,42 €.

2. De Gemengerot ratifizéiert den Avenant zu der Konventioun mam LEADER Regioun Mëllerdall fir d'LEADER Period bis den 31. Dezember 2022.

3. De Gemengerot hellt en prinzipiell Decisioun fir sech och um zukünftegem LEADER Aktiounsgrupp Regioun Mëllerdall fir d'Period 2023-2029 ze bedeelegen.

4. De Gemengerot gëtt dem Member vum Gemengepersonal deen d'Funktioun vum Sécherheetsdelegéierten iwwerhëlt eng monatlech Opwandsentschiedegung vun 12 Indexpunkten.

5. De Gemengerot hellt e Reglement fir d'Konditiounen an d'Beträg vun de Subside fir verdéngschtvoll Sportler festzeleeën.

6. De Gemengerot hellt provisoresch en allgemengt Polizeireglement un.

7. De Gemengerot ratifizéiert eng Konzessioun fir e Graf um Fëschber Kierfecht.

8. De Gemengerot ass gefrot seng Meenung ofzegi betreffend d'Klassement vu verschiddene Bauten als Nationalmonument.

   Mat 7 géint 1 Stëmm (Schiltz) ass de Gemengerot averstane fir folgend Gebailechkeeten, déi a Gemengebesëtz sinn, als nationaalt Monument ze klasséieren:

- la croix de chemin sise 1, rue Grande-Duchesse Charlotte, à Fischbach;
- l'église Saint-Georges à Fischbach;
- la croix de chemin sise au lieu-dit «Grauebuesch», à Fischbach;
- l'église Saint-Corneille à Angelsberg;
- l'église Saint-Jean à Schoos;
- la chapelle Notre-Dame à Weyer

Pourtant il émet un avis défavorable concernant le classement comme monument national de la collection de 41 croix de chemin située dans la chapelle de Weyer, étant donné que la commune n'a aucune connaissance de la situation de propriété des différentes croix.

En ce qui concerne les autres propositions de classement d'immeubles, qui ne font pas partie de la propriété communale, le Conseil communal émet à 7 voix contre 1 (Schiltz) un avis favorable concernant le classement comme monument national, sous condition que les propriétaires des immeubles en question aient marqués leur accord.

Par contre le Conseil communal s'oppose au classement comme monument national du cimetière à Fischbach, étant donné qu'un classement entraine juridiquement l'obligation pour le propriétaire de solliciter auprès du ministre de la Culture une autorisation pour faire réaliser des travaux sur l'immeuble comme la confection et l'aménagement d'une tombe.

9. Le Conseil communal décide de faire droit à la demande de l'association Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous et d'allouer un subside extraordinaire de 669,82 € pour combler les dépenses engendrées par le réaménagement de la galerie de l'église d'Angelsberg afin de faire face à l'augmentation du nombre de chanteurs.

10. Etant donné que seul les résultats d'adjudication des travaux de gros-œuvre ont déjà dépassé le devis initial de 200.000 €, le Conseil communal approuve un devis supplémentaire relatif à la mise en œuvre du réseau d'eau potable intercommunal Fischbach-Larochette-Nommern. A la suite le devis total s'élève à 6.768.144,19 €.

11. Le collège des bourgmestre et échevins présente le plan pluriannuel financier portant sur les exercices 2021 à 2023

- Weekräiz 1, rue Grande-Duchesse Charlotte à Fischbach;
- d'Kierch Saint-Georges zu Fëschbech;
- d'Weekräiz um Grauebesch zu Fëschbech;
- d'Kierch Saint-Corneille zu Angelsbierg;
- d'Kierch Saint-Jean zu Schouss;
- d'Kapell Notre-Dame zu Weyer

Dobäi gëtt en awer en negativen Avis fir d'Klassement vun den 41 Weekräizer aus der Sammlung an der Kapell zu Weier, well déi aktuell Besëtzverhältnisser vun de verschiddene Kräizer net bekannt sinn.

Betreffend d'Klassement vu Bauten déi net am Besëtz vun der Gemeng sinn gëtt de Gemengerot mat 7 géint 1 Stëmm (Schiltz) e positiven Avis, ënnert der Konditioun dass de jeeweilegen Proprietär mam Klassement averstane ass.

De Gemengerot opposéiert sech awer dem Klassement vum Fëschber Kierfecht als Nationalmonument, well et géing eng juristesch Verflichtung fir de Proprietär gi beim Kulturminister eng Geneemegung unzefroe wann um Kierfecht geschafft gëtt, e Graf ugeluecht oder zougeluecht gëtt.

9. De Gemengerot entscheet dem Gesangsveräi Fëschbech-Angelsbierg-Schous e Subsid vu 669,82 € zoukommen ze loossen fir den Embäu vum Ducksall an der Angsber Kierch ze finanzéieren, fir dass méi Sänger do Platz hunn.

10. Well schonns eleng d'Ausschreiwung fir d'Déifbauaarbechten den initialen Devis ëm 200.000 € iwwerschratt huet, stëmmt de Gemengerot en zousätzlechem Devis fir de Bau vum interkommunalem Waassernetz Fëschbech-Fiels-Noumer. De neien Devis läit bei 6.768.144,19 €.

11. De Schäfferot stellt de Finanzplang fir d'Joren 2021 bis 2023 fir.

# Séance publique du conseil communal du 22 avril 2021

**Présents:**

DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 710.599,46 € sont approuvés.

2. Le Conseil communal émet son avis quant aux réclamations introduites auprès du Ministère de l'Intérieur dans le cadre du nouveau plan d'aménagement général.

3. Le Conseil communal renonce à l'exercice du droit de préemption concernant le terrain sis à Fischbach, rue du Berger.

4. Le Conseil communal ratifie un contrat de concession de sépulture au cimetière de Fischbach.

5. Concernant le Plan National d'Organisation de Secours (PNOS) le Conseil communal se rallie à l'avis du SYVICOL et regrette que les communes n'y jouent plus aucun rôle excepter pour le financement, que le service First Responder n'est plus mentionné, qu'il est prévu à court terme d'augmenter significativement le nombre du personnel surtout administratif, tandis que le nombre des sapeurs-pompiers volontaires diminue et revendique le remboursement des rémunérations versées à leur personnel pendant le congé spécial accordé aux sapeurs-pompiers, tel qu'il est le cas pour le secteur privé.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 710.599,46 €.

2. De Gemengerot bezitt Stellung zu de Reklamatioune beim Inneministère betreffend de neie Bebauungsplang.

3. De Gemengerot verzicht op d'Virkalfsrecht op engem Terrain zu Fëschbech an der rue du Berger.

4. De Gemengerot ratifizéiert eng Konzessioun fir e Graf um Fëschber Kierfecht.

5. Betreffend den Nationale Plang fir d'Organisatioun vum Rettungswiesen (PNOS) schléisst de Gemengerot sech der Meenung vum SYVICOL un a bedauert, dass d'Gemengen anscheinend keng Roll méi spillen ausser wat d'Finanzement ugeet, dass de Service vum First Responder net emol ernimmt gëtt, dass dat professionnelt an do virun allem dat administratiivt Personal a kuerzer Zäit soll signifikativ opgestockt gi wärend d'Unzuel vu fräiwëllege Pompjee erofgeet a fuerdert dass d'Gehälter déi d'Gemengen hirem Personal wärend dem spezielle Pompjeescongé ausbezuele vum Staat zréckbezuelt ginn, sou wéi et fir de Privatsecteur de Fall ass.



*Virtuelle Buergermeeschterdag de 25. Juni 2021.*

# Séance publique du conseil communal du 03 juin 2021

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent - conseillers

Absents excusés: TRAUSCH Claude - conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. L'état des restants est présenté par la receveuse Michèle Scholtes et le Conseil communal décide d'admettre:

   - en reprises provisoires 60 438,51 €
   - en décharge / irrécouvrables 53,50 €

   TOTAL des restants à poursuivre 60 385,01 €

   Le Conseil accorde au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation d'ester en justice contre les débiteurs si nécessaires.

2. L'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2021/2022, ainsi que le Plan de Développement Scolaire 2021-2024 sont présentés par la présidente du comité d'école Sarah Kolber et les deux documents sont approuvés par le Conseil communal.

3. Le Conseil communal soutien la coopération étroite entre l'enseignement fondamental et la structure d'accueil et approuve le Plan d'Encadrement Périscolaire 2021/2022 établi par l'équipe pédagogique.

4. Par vote secret le Conseil communal propose de réaffecter Madame CARVALHO MOURA Katia de Larochette au poste vacant d'instituteur d'une tâche de 100% à partir de l'année scolaire 2021/2022.

5. Par vote secret le Conseil communal propose à 4 voix contre 2 et 2 abstentions de réaffecter Madame PHILPOTT Joséphine de Reuland au poste vacant d'instituteur d'une tâche de 75% pour l'année scolaire 2021/2022.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Restantenétat vum Joer 2020 gëtt vun der Einnehmerin Michèle Scholtes virgestallt a vum Gemengerot festgehalen:

   - Gesamtzomm vun de geschëlte Suen 60 438,51 €
   - Déchargen, resp. net anzedreiwen 53,50 €

   €Bleiwe geschëlt: 60 385,01 €

   Ausserdeem kritt de Schäfferot d'Erlabnis, wann néideg geriichtlech géint d'Schëldner virzegoen.

2. Déi provisoresch Schoulorganisatioun 2021/2022 grad ewéi de Schoulentwécklungsplang 2021-2024 gi vun der Presidentin vum Schoulkommitee Sarah Kolber virgestallt a béid Dokumenter gi vum Gemengerot guttgeheescht.

3. De Gemengerot ënnerstëtzt déi enk Zesummenaarbecht zwëschent der Kannerbetreiungsstruktur an der Grondschoul a geneemegt de schoulesche Betreiungsplang 2021/2022, esou wéi en vun der pedagogescher Équipe ausgeschafft ginn ass.

4. An engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot d'Madamm CARVALHO MOURA Katia aus der Fiels ob de freie Posten (100%) als Enseignante ab dem Schouljoer 2021/2022 ze nennen.

5. An enger geheimer Ofstëmmung proposéiert de Gemengerot, mat 4 Stëmmen dofir, 2 dergéint bei 2 Enthalungen, fir d'Madamm PHILPOTT Joséphine vu Reiland op de freie Posten (75%) als Enseignante fir d'Schouljoer 2021/2022 ze nennen.

6. Des titres de recettes portant sur un montant de 9.896,33 € sont approuvés.

7. Le Conseil communal approuve les augmentations budgétaires suivantes:

   - de 5.000 € à 8.000 € pour la participation communale à l'acquisition d'un cycle;

   - 30.000 € supplémentaires pour la révision du PAG.

8. Le Conseil communal approuve les contrats de travail à durée déterminée avec Madame Sandra Vaessen de Fischbach ayant pour objet des remplacements dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

9. Le Conseil communal renonce à l'exercice du droit de préemption concernant des terrains sis à Schoos d'une contenance totale de 216,02 ares.

6. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 9.896,33 €.

7. De Gemengerot stëmmt folgenden Erhéijunge vum Budget zou:

   - vu 5.000 € op 8.000 € fir d'Bedeelegung vun der Gemeng beim Kaf vun engem Velo;

   - zousätzlech 30.000 € vir d'Révision PAG.

8. De Gemengerot stëmmt zäitweilegen Aarbechtsverträg mat der Madamm Sandra Vaessen vu Fëschbech zou, fir am Schoul Bus d'Begleetpersoun z'ersetzen.

9. De Gemengerot verzicht op d'Virkafsrecht vu verschiddene Grondstécker zu Schous mat enger Gesamtfläch vun 216,02 Ar.

# Séance publique du conseil communal du 21 juin 2021



| | |
|---|---|
| Présents: | DAEMS Fränk – bourgmestre;<br>GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;<br>BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel – conseillers |
| Absents excusés: | OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude - conseillers |

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Dans le cadre de la refonte du plan d'aménagement le Conseil communal débatte et décide sur les cinq réclamations qui ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins en relation avec le PAP-QE.

Suite aux recommandations formulées par la Cellule d'évaluation instituée auprès du Ministère de l'Intérieur et les entrevues de concertation entre le collège des bourgmestre et échevins et le bureau d'études LUXPLAN, le Conseil communal avise favorablement les propositions d'adaptation du PAP-QE et approuve le Projet d'Aménagement Particulier «quartiers existants» tel que proposé par le collège des bourgmestre et échevins.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

Am Kader vun der Revisioun vum allgemenge Bebauungsplang diskutéiert an entscheet de Gemengerot iwwert déi fënnef Reklamatiounen, déi dem Schäfferot zum PAP-QE virleien.

Op Grond vun de Recommandatioune vun der „Cellule d'évaluation" vum Inneministère an de Berodungsgespréicher vum Schäfferot mam Ingenieursbüro LUXPLAN, gëtt de Gemengerot gréng Luucht zu de Viirschléi fir de PAP-QE unzepassen a stëmmt de Projet d'Aménagement Particulier „quartiers existants", esou wéi en vum Schäfferot virgeluecht ginn ass.

# Séance publique du conseil communal du 15 juillet 2021

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude - conseillers;

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Ouï les explications concernant les objectifs fournis par Monsieur Olivier Molitor, préposé-forestier du triage de Larochette, le Conseil communal approuve le plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2022 prévoyant des dépenses de 91.750 € et des recettes de 106.430 €.

2. Des titres de recettes portant sur un montant de 1.770.309,34 € sont approuvés.

3. Le Conseil communal décide de reconduire pour l'année 2022 les mêmes taux de l'impôt foncier que l'année précédente, à savoir:

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. No den Erklärunge vum Fierschter Olivier Molitor geneemegt de Gemengerot de Forstverwaltungsplang 2022, den Ausgaben an Héicht vun 91.750 € an Einname vun 106.430 € virgesäit.

2. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 1.770.309,34 €.

3. De Gemengerot entscheet fir 2022 d'Steiersäz vun der Grondsteier vun 2021 bäizebehalen:

| | | |
|---|---|---|
| A | Exploitations agricoles et forestières | 320 % |
| B1 | Constructions industrielles et commerciales | 450 % |
| B2 | Constructions à usage mixte | 450 % |
| B3 | Constructions à autres usages | 450 % |
| B4 | Maisons unifamiliales, maisons de rapport | 165 % |
| B5 | Immeubles non-bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation | 500 % |
| B6 | Terrains à bâtir à des fins d'habitation | 600 % |

4. Le Conseil communal décide de maintenir pour l'année 2022 le taux de l'impôt commercial à 300%.

5. Le Conseil communal ratifie deux contrats de concession de sépulture au cimetière de Fischbach.

6. Le Conseil communal arrête un Règlement Général de Police. Le texte du règlement peut être consulté sur le site internet de la commune (www.acfischbach.lu).

7. Un devis supplémentaire de 7.000 € concernant le remplacement de meubles scolaires, ainsi qu'un crédit budgétaire supplémentaire de la même hauteur sont approuvés par le Conseil communal. Le devis définitif pour le remplacement de meubles scolaires se porte donc à 37.000 €.

4. De Gemengerot decidéiert fir d'Joer 2021 de Saz vun der Handelssteier bei 300% ze beloossen.

5. De Gemengerot ratifizéiert zwou Grafkonzessioun um Fëschber Kierfecht.

6. De Gemengerot hellt en allgemengt Polizeireglement un. Den Text vum Reglement kann een um Internetsite vun der Gemeng (www.acfischbach.lu) noliesen.

7. En zousätzlechen Devis vu 7.000 € fir nei Schoulmiwwel unzeschafe grad ewéi en deementspriechenden zousätzleche Kredit am extraordinäre Budget gi vum Gemengerot guttgeheescht. Den definitiven Devis fir nei Schoulmiwwel bedréit esou 37.000 €.

8. Le conseil approuve le devis de 7.755,56 € et un nouveau crédit au budget extraordinaire de 8.000 € concernant l'acquisition d'une imprimante A0 pour les besoins du service technique.

9. Considérant que les élèves de l'Angsber Schoul ont initiés une collecte de fonds au profit d'une école à Madagascar en organisant une course caritative autour de l'école, le conseil communal décide avec 8 voix contre 1 (Olinger) d'arrondir le montant collecté à 9.000 € et d'allouer un subside de 432 € à l'ONG E.D.I. Madagascar.

8. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 7.755,56 € fir d'Uschafe vun engem A0 Drécker fir den techneschen Déngscht a stëmmt fir den Zweck en neie Kredit vun 8.000 € am ausseruerdentleche Budget.

9. Op Initiative vun de Schoulkanner ass e Spendelaf ronderëm d'Angsber Schoul zu Gonschte vun enger Schoul op Madagaskar organiséiert ginn. De Conseil decidéiert mat 8 géint 1 Stëmm (Olinger) den esou gesammelte Betrag op 9.000 € opzeronnen an der ONG E.D.I. Madagascar en Subsid vu 432 € zoukommen ze loossen.

# Prime scolaire

**Demande à remettre au plus tard le 1.12.2021**

Une prime scolaire est allouée:

- aux élèves ayant obtenu le **diplôme de fin d'études** respectivement le **diplôme de technicien**;
- aux apprentis ayant obtenu le **CCP**, le **DAP** ou le **brevet de maîtrise**;
- aux étudiants ayant obtenu un diplôme du niveau de **BTS**, **bachelor** ou **master**.

Pour pouvoir bénéficier des primes pour l'année scolaire 2020/2021 la demande y relative, ainsi que toutes les pièces à l'appui nécessaires, doivent parvenir à l'administration communale pour le **1er décembre 2021** au plus tard, sous peine de forclusion.

Le formulaire de demande peut être téléchargé sur le site internet www.acfischbach.lu.







# Organische Abfälle aus Garten und Küche

vermeiden und verwerten

# Déchets organiques provenant du jardin et de la cuisine

prévention et recyclage

Die getrennte Sammlung und Verwertung von biologisch abbaubaren Abfällen (organische Küchenabfälle, Gartenabfälle; kurz: Bioabfall) hat mehrere Vorteile für die Umwelt: Sie reduziert die Restabfallmenge um rund ein Drittel und vereinfacht die Behandlung des Restabfalls. Sie stellt Ressourcen für die Produktion von Energie da. Sie dient dem Klimaschutz, da die entstehenden Gase genutzt werden. Produktion und Nutzung von Kompost tragen zur CO2-Reduktion bei.

La collecte sélective et la valorisation des déchets biodégradables (déchets organiques de cuisine, déchets de jardinage, en abrégé: biodéchets) présentent plusieurs avantages pour l'environnement: ils permettent de réduire la quantité de déchets résiduels d'environ un tiers et simplifient le traitement des déchets résiduel. Les déchets constituent des ressources pour la production d'énergie. La valorisation protège directement le climat car les gaz sont utilisés. La production et l'utilisation du compost contribuent également à réduire les émissions de CO2.

## Vermeidung Prévention

- Eine ausgewogene Ernährung.
  Une alimentation équilibrée.
- Mehr Biokost konsumieren.
  Consommer plus de produits biologiques.
- Weniger Fleisch konsumieren.
  Consommer moins de viande.
- Verantwortungsvoll einkaufen.
  Faire des achats responsables.

## Entsorgung und Verwertung !
## *Elimination et recyclage !*


Achten Sie darauf, dass Sie keine Fremdstoffe in die Biotonne werfen. Verunreinigungen gefährden die landwirtschaftliche oder gärtnerische Nutzung des aus Bioabfällen erzeugten Kompostes. Verunreinigungen sind z.B. Kunststofftüten oder Blumentöpfe.

Assurez-vous de ne pas jeter de substances étrangères dans la poubelle biologique. Les impuretés mettent en danger l'utilisation agricole ou horticole du compost produit à partir des biodéchets. Les impuretés sont par exemple, sacs en plastique ou pots de fleurs.


## Entsorgung und Verwertung
## Elimination et recyclage

Im Großherzogtum Luxemburg wurden verschiedene Sammelsysteme eingerichtet: Die selektive Sammlung von Bioabfällen aus Haushalten, einschließlich Grünabfällen, wird von den Kommunen durch Haus-zu-Haus-Sammlung sichergestellt. Grüne Abfälle können in kommunalen und interkommunalen Sammelstellen oder Recyclingcentren in großen Mengen angeliefert werden.
In Biogasanlagen werden organische Abfälle durch Vergärung in Biogas umgewandelt, um Strom zu erzeugen. Dabei entsteht Wärme, welche zu Heizzwecken genutzt werden kann.

Différents systèmes de collecte se sont établis au Grand-Duché de Luxembourg : la collecte sélective des biodéchets provenant des ménages, y inclure les déchets de verdure est assurée par les communes via une collecte porte-à-porte. Les déchets verts peuvent être apportés en vrac auprès des points de collecte communaux et intercommunaux ou aux centres de recyclage.
Dans les usines de biogaz, les déchets organiques sont convertis en biogaz par fermentation pour produire de l'électricité. Cela crée de la chaleur qui peut être utilisée à des fins de chauffage.




### Ressourcenpotential Biogasanlage BIO MAN
### Potentiel des ressources Installation de biométhanisation BIO MAN




### Wichtigste Outputströme
### Les flux plus importants

- Dünger / Engrais
- Verpackungen (Karton, Holz, Glas) / Emballages (carton, bois, verre)
- Biogas zur Energieproduktion / Gaz pour la production énergétique
- Fremdstoffe / Matières étrangères

SDK RESSOURCEN POTENTIAL SuperDrecksKëscht®

DEM-SDK/LU-090069-02.2020-001


# Infoen zu den SIDEC Poubellen

**Zenter dem 1. Oktober 2020 hunn d'Bierger vun der Gemeng Fëschbech d'Méiglechkeet fir den Hausmüll iwwert 4 verschidden Poubellen an getrennten Haus-zu-Haus Sammlungen ze entsuergen.**

Di 4 verschidden Poubellen sinn eng gréng Poubelle fir d'Hohlglas, eng brong Poubelle fir den Biomüll, eng blo Poubelle fir den Pabeier-Kartong an eng gro Poubelle fir den restlechen Hausmüll. Des Poubellen sinn fir den ongeféierlechen Offall bestëmmt. Alles wat geféierlechen Offall ass, wie zum Beispill eidel Spraydousen, Reschter vun Faarwe, Batterien, Luuchten oder Medikamenter mussen iwwert SuperDrecks-Këscht entsuergt gi. Fraktiounen un Offall, deen nach recycléiert kann gi, wie zum Beispill Eiseschrott, Elektroschrott, Pneuen oder Bauschutt kennen zu Miersch an den SIDEC Recycling Park bruecht gi. Plastiksverpackungen gehéieren net an eng SIDEC Poubelle mee an di blo Tuut vun der Valorlux.

Fir di respektiv SIDEC Poubellen an der Haus-zu-Haus Sammlung eidel gemaach ze kréien sollen d'Poubellen den Dag vun der Entleerung spéitstens moies em 7:00 Auer esou no wie méiglech bei eng öffentlich Strooss virun der Hausdier ofgestallt gi. Di verschidden Datumer vun der Entleerung sinn am Offallkalenner vun der Gemeng vermierkt. Fir dem Aarbechter um Dreckscamion d'Entleerung ze erliichteren ass et vun Virdeel, wann den Greff vun der Poubelle zur Säit vun der Strooss gedréit wier. Den Deckel vun der gefëllter Poubelle muss zou sinn an däerf net mat engem Schlass, Ficelle oder Lastik esou fixéiert sinn, dass en sech bei der Entleerung net komplett géif opmaachen loossen. Et däerf keen Offall niewent der Poubelle stoen. An Ausnamefäll däerf eng SIDEC Tuut fir Hausmüll zesummen mat der groer Poubelle genotzt gi. No der Entleerung mussen d'Poubellen sou schnell wéi méiglech vun der öffentlecher Strooss ewech geholl gi.








SORTIERANLEITUNG FÜR
BIOMÜLL
NUR FESTER BIOMÜLL
Eier- u. Nussschalen
Gekochte Lebensmittel
Sonstige Küchenabfälle
Gartenabfälle
ALTGLAS
NUR HOHLGLAS
Glaskonserven
Weißglas
Farbglas
ALTPAPIER
NUR SAUBERES PAPIER
Papier
Zeitungen u. Magazine
NEWS
MAGAZINE
Pappverpackungen u. Kartonagen
PIZZA
VERPACKUNGEN
NUR LEERE VERPACKUNGEN MAX. 5 LITER
Plastikflaschen u. -flakons
Metallverpackungen
Getränkekartons
Plastiktöpfe, -becher u. -schalen NEU!
Plastikfolien u. -tüten NEU!
SIDEC
SIDEC
SIDEC
SIDEC
www.sidec.lu
www.valorlux.lu
VALORLUX ASBL

# Verknaschtung vun der Daebecht

**Sonndes Mëttes, den 18. Abrëll hun opmierksam Bierger de Schäfferot drop opmierksam gemaach dass an der Daebecht, d'Baach déi am Bësch laanscht den aale Wee vu Schous erof op Fëschbech leeft a bei de Fëschweieren eraus kënnt, eng wäisslech Flëssegkeet schwëmmt, an net nëmmen e bëssen. D'Fotoen an dësem Artikel beschreiwen d'Situatioun am bäschten.**

De Schäfferot huet sech e Bild vun der Situatioun gemaach a war nawell erféiert. D'Daebecht war carrément wäiss!

Direkt gouf iwert de CGDIS d'Wasserwirtschaftsamt alarméiert, déi an hirer berodender Funktioun eng ganz Partie Tuyaux'en konnte ginn. Glécklecher Weis waren d'Quantitéiten net all ze héich, an awer war bestëmmt schon munches versickert ënnerwee.

Proufen fir Analysen goufe geholl a sinn deen nächsten Dag am Labo vun der AGE (Administration de la gestion de l'eau) ënnert d'Lupp geholl ginn. D'Substanzen konnten als Latex, respektiv Faarwreschter identifizéiert ginn.



Iergendwou bei eis an der Gemeng, vill méi an der Uertschaft Schous, huet also een onverantwortlechen Handwierker oder Matbierger seng Faarwreschter an de Grill virun der Diir an der Strooss geschott. Wëll an der Strooss schon Trennsystem läit (= d'Reewaasser an d'Schmotzwaasser si schon getrennt), leeft dëst dann net an d'Kanalisatioun mee direkt erëm zerëck an d'Uewerflächewaasser, an dësem Fall an d'Daebecht an duerno an d'Wäiss Iernz a sou wieder.

Dëse Virfall ass bestëmm keen Eenzelfall, et ass deen Dag eben just opgefall.

Et get engem awer ze denken vrun allem wann een als Gemeng all déi Ustrengungen ënnerhëllt fir proppert Drënkwaasser ze faassen an et senger Populatioun kënnen unzebidden. Dowéinst probéiere mir och d'Leit iwert dëse Wee nach emol ze sensibiliséieren.

Souguer wann deen Onbekannten d'Faarwreschter an d'Toilette, oder an enger Strooss ouni Trennsystem den Eemer an de Grill geschott hätt, wäer daat nawell net an der Rei. Déi chemësch Faarwsubstanzen belaaschten d'Kanalisatioun zousätzlech a maachen d'Klärung vum Schmotzwaasser emsou méi schwiereg.



Fir jiidferengem nach emol méi kloer ze maachen waat wouhin däerf geschott, respektiv net geschott ginn, oder waat wou soll entsuergt ginn, fann Dir an dësem Gemengeblat een 2-sproochegen Flyer mat deenen néidegen Erklärungen.

Bei Froen dozou däerf Dir gäeren d'Administration de la gestion de l'eau (tel. 24556-1), oder den Service Technique vun der Gemeng Fëschbech (327084-22) kontaktéieren.

Sollt Iech een Nooper oder een Handwierker an Äerer Strooss opfaalen dee sans gêne säi Knascht, säi Faarwdëppchen, etc. iwert dem Gulli entsuergt, da stéiert hien w.e.g. a weist hien drop hin dass et esou net ka goen. Villäicht ass hien sech der Envergure vun sengem Feelverhaalen guer net bewosst.

Proppert Waasser geet eis all eppes un!

*De Schäfferot*

# Pollution de la «Daebecht»

**Pendant l'après-midi du dimanche 18 avril des citoyens attentifs ont alerté le collège échevinal qu'une quantité non négligeable d'un liquide blanc flotte dans la «Daebecht», le ruisseau qui prend son cours le long de l'ancien chemin reliant Schoos à Fischbach et sort de la forêt proche des étangs piscicoles. Les photos contenues dans cet article illustrent au mieux la situation.**



Le collège échevinal s'est rendu sur place et s'est effrayé de voir que la «Daebecht» était toute blanche!

Immédiatement l'Administration de la Gestion de l'Eau a été alertée par le biais du CGDIS et, dans sa fonction consultative d'expert en la matière, a pu fournir un bon nombre de conseils. Heureusement, le volume du liquide blanc n'était pas trop élevé, mais probablement la plus grande quantité s'était déjà infiltrée dans le sol.

Des échantillons d'analyse ont été prélevés et examinés le lendemain au laboratoire de l'AGE (Administration de la gestion de l'eau) et les substances ont pu être identifiées comme du latex resp. des résidus de couleur.

Quelque part dans notre commune, plus précisément au village de Schoos, un ouvrier-artisan ou concitoyen irresponsable a éliminé de la peinture dans un des avaloirs de voirie. Etant donné que la rue en question est équipée d'un système de séparation (c'est-à-dire que les eaux de surface et les eaux usées sont évacuées séparément), les eaux collectées dans les avaloirs ne s'écoulent pas dans la canalisation, mais directement dans les cours d'eau, à savoir dans la «Daebecht» et puis dans l'Ernz blanche, etc.

Il ne s'agit certainement pas d'un incident isolé, mais ce jour-là il s'est bien fait remarquer.

Cependant, cet incident nous donne à réfléchir, sachant que la commune entreprend de grands efforts et prend en mains des moyens budgétaires importants d'un côté pour fournir à ses habitants de l'eau potable propre et de l'autre côté pour assurer une dépollution adéquate des eaux usées afin de les pouvoir reconduire dans la nature.

C'est pourquoi nous désirons profiter de cette publication pour sensibiliser les habitants.

Même si l'inconnu aurait versé la peinture dans la toilette ou dans un avaloir d'une rue sans système de séparation, les colorants chimiques auraient perturbé le bon fonctionnement et dégradé les infrastructures d'épuration des eaux résiduelles.

Afin de bien clarifier que l'égout n'est pas une poubelle et de rappeler comment il faut éliminer les différents déchets et liquides, un dépliant bilingue avec toutes les explications nécessaires se trouve à l'intérieur de cette édition du bulletin communal.

En cas de questions supplémentaires, nous vous invitons de contacter l'Administration de la Gestion des Eaux (tél. 24556-1) ou le Service Technique de la commune de Fischbach (327084-22).

Si vous constatez que dans votre rue un voisin ou un ouvrier-artisan n'a pas de gêne de verser de la peinture ou d'autres déchets dans l'égout, nous vous prions de ne pas hésiter à lui adresser la parole en soulignant que ce ceci n'est pas permis. Peut-être cette personne ne se rend pas compte de l'ampleur de ses actes.

L'eau propre nous concerne tous!

*Le collège des Bourgmestre et échevins*

# Spuetestëch Step Angelsbierg

**20.05.2021 ANGELSBIERG**

**Den 20. Mee 2021 gouf, am Kader vum Projet „Modernisatioun an Erweiderung vun der Kläranlag Angelsbierg“, den 1. Spuetenstech gemaach. Nieft de Vertrieder vun der Fëschber Gemeng an de Responsabele vum Ofwaassersyndikat SIDERO, waren och den Dr. Luc Zwank, directeur adjoint vum Waasserwirtschaftsamt an de Buergermeeschter vun der Gemeng Miersch, Michel Malherbe present.**

Historesch war ob dëser Plaz een, jo am Fong zwee Steebréch, déi dem Auguste Weis vun Angelsbierg gehéiert hunn. An de 70er Joren huet dunn den deemolegen 1. Schäffe vum Fëschber Gemengerot, den Nic Lehnen, d'Verhandlunge fir de Kaf vun dësem Terrain mam Emile Weis vun Angelsbierg gefouert, an dat mat Erfolleg. Eng Kläranlag konnt gebaut, an 1980 a Betrib geholl ginn. Deemools hat Angelsbierg ronn 130 Awunner, haut huet dës Uertschaft der ronn 480, plus eng Dosen Awunner vu Bierengerbierg. Déi nei Kläranlag huet eng Kapazitéit fir Ofwaasser ze rengege fir bis zu 1.250 Awunner aus dësen zwou Uertschaften. Genuch Reserve fir d'Zukunft sinn also virgesinn.

D'Bauaarbechten un eiser Kläranlag hunn am Mäerz 2021 ugefaangen a sollen sech iwwert en Zäitraum vun 1,5 Joer (541 Aarbechtsdeeg) erstrecken. Käschte fir de ganze Bau vun der neier Kläranlag belafen sech op 5,5 Mio € TTC, finanzéiert duerch d'Gemenge Fëschbech (95%) a Miersch (5%) mat enger finanzieller Ënnerstëtzung vum Staat (Fonds pour la Gestion de l'Eau).

E Merci geet um Enn nach un d'Famill Hoffmann-Weber vu Steeën, der den Terrain gehéiert huet wou de Kanalstauraum drop entsteet an un d'Famill Damgé vun Angelsbierg, déi duerch de „Droit de passage“ dem SIDERO erméiglecht hunn op hirem Terrain ze schaffen.

*Marc LAUX*
*Service technique Commune de Fischbach.*





# Kéidenger Brill

**D'Naturschutzgebitt ZPIN36 (Zone protégée d'interêt nationale 36) Kéidenger Brill-Soup befënnt sech nach an der Ausweisungsprozedur. Et ënnerdeelt sech an e Kärgebitt (87,6 ha) an eng Pufferzone (71 ha).**

De südleche Beräich vum Naturschutzgebitt ass Bestanddeel vun der Habitatschutzzone LU0001020 (Kallekwise vun der Jonglënster Géigend) grad sou wei der Vulleschutzzone LU0002005 (Dall vun der Wäisser Iernz tëschent Bourglënster a Fëschbech). Den nördleche Beräich ass Bestanddeel vun der Habitatschutzzone LU0001015 (Dall vun der Wäisser Iernz).

Am mëttleren Beräich gouf déi Waïss Iernz renaturéiert, Aarbechten dei 2016 ofgeschloss goufen.

De Kéidenger Brill weist eng Abberzuel vu verschiddenen a geschützte Fiichtbiotopen op: Lëtschendéckecht, Grousseggenrieder, Niddermouer, Mouerbotterblummewisen, Auebëschsträifen.

De renaturéierten Deel huet eng staark Eegendynamik. Beim Uleeë vun enger Kartei vun dëse Flächen huet sech erginn, datt sech schonn eng sélleche geschützten Aarten hei ugesidelt hunn, respektiv Biotopen entwéckelt hunn.

Um südlechen Deel huet keng Renaturéierung stattfonnt, ma hei ginn déi meeschte Fläche landwirtschaftlech genotzt. Vill vun deene Fläche ginn extensiv iwwert e Biodiversitéitsvertrag genotzt. Dës extensiv Notzung, an och déi moer Standuertsbedingungen féieren zesumme mat deene verschiddenen Notzungstypen zu enger héiger Aartevillfalt.

An den Hangberäicher steet entweder Bësch, oder si enthale plazeweis geschütze Biotopen wéi z.B. Glathuewerméiwisen an hallef dréche Kallekswisen.

Mir hunn hei deemno eng ganz héich Biodiversitéit op klengem Raum.

Vum Suppelaiskraut, d. Sumpf-Läusekraut (Foto Nr. 1 / Pedicularis palustris) hei gëtt et nëmmen zwou Populatiounen am ganze Land. Nieft enger grousser Populatioun am Naturschutzgebitt Ronnheck bei Guedber, kënnt dës Planz och am Kéidénger Brill vir, ass allerdéngs nëmme mat e puer Individue vertrueden.

Desweidere kommen hei och e puer Orchideenarte vir, ënnert aneren d'Breetbliederegt Knabenkraut, d. Breitblättriges Knabenkraut (Foto Nr. 2 / Dactylorhiza majalis) an d'Gefflecktent Knabenkraut (Dactylorhiza maculata).

*Olivier MOLITOR*



*Foto Nr 1*



*Foto Nr 2*

GEMENG

17

# Virowend vun Nationalfeierdag

**22.06.2021 FËSCHBECH**

**Schonn 2020 hu mir bei eis an der Gemeng de Programm um Virowend vun Nationalfeierdag wéinst CORONA jo missten ëmstellen. Dëst Joer sollt dat net anescht sinn, déi traditionell Feierlechkeeten am Veräinshaus „op der Héicht"waren net wéi gewinnt ze realiséieren an opgrond vun der sanitärer Situatioun zu deem Moment och net ze recommandéieren.**

Et war dem Schäffen- a Gemengerot awer wichteg e weidere Schratt Richtung Normalitéit ze maachen an duerfir gouf an Zesummenaarbecht mam Kaploun Tristan Häcker an eiser Chorale den traditionellen TeDeum, am Respekt vun de sanitäre Virschrëften, zu Fëschbech an der Kierch ofgehalen.

Et war eng grouss Freed an Éier fir d'Gemeng Fëschbech a fir eis all dass d'Ierfgroussherzoglech Koppel dëst Joer un dëser Feierlechkeet Deel geholl huet. Duerfir e grousse MERCI!

D'Pompjeeë stounge Spaléier fir eis Éieregäscht an d'Chorale mat hirem Organist Robert Depta hun eng formidabel Prestatioun gebueden.

Eng Éierung bei eise Pompjeeë gouf et och, de John Daems kruut vun der Federatioun vun de Lëtzebuerger Pompjeeën d'Croix de Mérite am Gold zougesprach fir 46 Joer trei Déngschter an de Fëschber Pompjeeën.

No e puer Wuert vum Buergermeeschter gouf d'Gedenkminutt fir d'Krichsaffer dëst Joer an der Kierch an net beim Monument ofgehalen.

„Ons Heemecht" huet dës gelonge Feierstonn 2021 ofgeschloss.

E Merci un eise Kaploun, d'Chorale an alle Leit déi e Bäitrag zu dësem Virowend geleescht hunn an Deel geholl hunn.

*De Schäfferot*













# Nei Gefierer fir de Service Technique

**05.08.2021 SCHOUS**

**Donneschdes de 5 August hat de Schäfferot op eng kleng Feierstonn invitéiert.**

A Presenz vum Conseil, de Gemengebeamten an Aarbechter souwéi de Vertrieder vum Garage Thommes an dem Garage Pepin, goufen 2 nei Gefierer offiziell hirer Bestëmmung iwwerginn: en Dacia Duster (dee mer 2020 schons kritt hunn) fir Deplacementer vun eisem Techniker an dem administrative Personal an ee VW Caddy fir d'Ekipp aus dem Atelier!

Mir wënschen eise Mataarbechter vill Freed mat deenen 2 neie Gefierer an dass se ëmmer an iwwerall secher a gesond ukommen!

*De Schäfferot*













# Veräiner aus eiser Gemeng an aus der Sportshaal Filano

**D'Veräinskommissioun aus der Gemeng Fëschbech presentéiert Iech op denen nächste Säiten all d'Veräiner aus der Gemeng a vun eiser Sportshaal Filano.**

De Covid hat e grousst Lach an d'Veräinsliewen gerappt a mat dësen Infoen wëlle mir de Neistart ukurbelen. Fir dass eist Duerfliewen och weiderhin bestoen bleift a mir flott an eiser Gemeinschaft kennen zesummeliewen, gitt Member oder besicht Manifestatiounen vun eise Veräiner, d'Auswiel as grouss!

---

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

## ACTION CATHOLIQUE DES FEMMES DU LUXEMBOURG GEMENG FËSCHBECH

### ZIEL VUM VERÄIN

Bereitschaft den christlichen Glauben zu vertiefen und Zeugnis zu geben von der Hoffnung um der Menschenfreundlichkeit Gottes und seinem Reich in Familie und Welt die Wege zu bereiten.
Siehe Statuten 10. 1/1

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Bitzowender am Hierscht a Wanter
- Rousekranzgebiet fir Verstuewener

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Por – Basar am Fréijor
- Kreiderwësch mat Seenung op Mariahimmelfahrt
- Hëllef bei Notsituatiounen / Spenden

**KONTAKT**
Adresse:
Alice Trausch-Huber
6, rue Grande-Duchesse Charlotte
L-7430 Fischbach
Mail: trausch@hotmail.com
Kontonummer: LU93 0090 0000 0483 5039
Präsident: Alice TRAUSCH-HUBER
Vize- Präsident: Monique BISENIUS
Sekretaire: Théa KUGENER -HECK
Keessier: Marie-Josée DEGRAUX-TURMES



# CLUB DES JEUNES ANGELSBIERG

## ZIEL VUM VERÄIN

Eist Zil ass et déi Jonk zesummen ze bréngen, flott Momenter ze verbréngen an zesummen eppes op d'Been ze stellen, wéi z.B. eise legendären Hexebal. Mir sinn ee Veräin wou dir ab 15 Joer häerzlech wëllkomm sidd.

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- zesummen mam Bus op d'Cavalcade
- Buergbrennen
- Grillen
- Karting, Paintball
- Spillowender
- sportlech Aktivitéiten (Fussballsturnéier, Petanque, Indiaca…)
- Landjugenddag
- Schueberfouer
- Chrëschtmaart
- Silvester zesummen feieren
- zesummen an d'Vakanz goen
- Theater kucke goen

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Hexebal
- Kleeschen
- Chrëschtbeemecher verdeelen/asammelen
- Clubbistro 1x/Mount mat engem bestëmmten Thema
- Generalversammlung

**KONTAKT**

Adresse:

3, rue de Rollingen

L- 7475 Schoos

Mail: cdjangelsbierg@gmail.com

Kontonummer: LU270090000004312039

Präsident: Eric KARIER

Vize- Präsident: Andy FRISCH

Sekretaire: Cynthia LEHNEN

Keessier: Tom BAULER




GEMENG

23



# CHORALE FËSCHBECH - ANGELSBIERG - SCHOUS

## ZIEL VUM VERÄIN

Anleitung der Gläubigen zum Gebet / Verschönerung der Gottesdienste. Angenehme Unterhaltung der Einwohner durch Gesang.

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Wöchentliche Gesangsproben
- Messgesänge – auch mehrstimmig
- Begräbnismessen
- Hochzeitsmessen – wenn gewünscht
- Härläichepressessioun
- Unterstützung befreundeter Gesangvereine
- Messen auswärts

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Porfest
- Hämmelsmarsch
- „Trakteurs'seenung" Albinusfeier
- Ausflüge
- Te Deum – Nationalfeierdag
- Kommemoratiounsdag
- Cadeau fir Matbierger iwer 80 Joer
- Ënnerstëtzung vu soziale Wierker



**KONTAKT**

Adresse:
Dirigent John DAEMS
13, Haaptstrooss
L-7475 Schoos
Mail: alex.kugener@education.lu
Kontonummer: LU97 0030 0984 7655 0000
Präsident: Hubert LANCKOHR
Vize-Präsident: Alice TRAUSCH-HUBER
Sekretaire: Alex KUGENER
Keessier: Claude MALGET



# ASSOCIATION DES PARENTS D'ELÈVES DE LA COMMUNE DE FISCHBACH ELTEREVEREENEGUNG FËSCHBECH

## ZIEL VUM VERÄIN

D'Elterevereenegung Fëschbech organiséiert Aktivitéite fir d'Schoulkanner aus der Gemeng Fëschbech.

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- de Kaffi bei der Schoulrentrée,
- d'Organisatioun vum Schoulfest,
- Spaghetti-Iessen,
- an aner Aktivitéiten fir d'Kanner an hir Elteren (Liesmoien, Rallye, …)
- D'Elterevereenegung hëlleft och beim „Foussgängerführerschein" oder bei der „Coupe Scolaire" fir op d'Kanner opzepassen, déi laanscht oder op der Strooss ënnerwee sinn





## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

Bedéngt duerch déi sanitär Situatioun huet d'Elterevereenegung Fëschbech d'Manifestatioune vun dësem Schouljoer ugepasst. Et ass ee Molconcours fir d'Schoulkanner an een Ofschlossrallye fir d'Schouljoer 2020 – 2021 organiséiert ginn.



**KONTAKT**
Adresse:
24, im Batz
7430 Fischbach
Mail: ape.acfischbach@gmail.com
Präsidentin: Pascale ELSEN
Vize- Präsidentin: Debby ZANDSTRA
Sekretärin: Debby ZANDSTRA
KEESSIER: Mike KOCH
MEMBEREN: Stéphanie BESNARD, Carole GEHLEN, Jerry LECOQ, Alexandra NIESEN, Delphine NOTARNICOLA, Thierry SCHMITZ, Patrycja SOBOLEWSKA

# ASBL. FËSCHBER NOPESCHFEST

### ZIEL VUM VERÄIN

Nopere besser kenne léieren. Zesumme Spaass hunn. Gemeinsam eppes ënnerhuelen. Solidaritéit stäerken. Zesummenhalt vum Duerf förderen. Grouss a kleng zesumme bréngen.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Organisatioun vum Nopeschfest
- Generalversammlung

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

Nopeschfest zu Fëschbech (Fête des voisins)



**KONTAKT**
Adresse:
Asbl. Fëschber Nopeschfest
16, im Batz
L-7430 Fischbach
Mail: feschber@gmail.com
Präsident: Tom HEINZ
Vize-Präsidentin: Martine FRIESEISEN
Sekretaire: David MANNES
Keessier: Patrick GROTZ



# AMICALE MAARKOLLEF FËSCHBECH

### ZIEL VUM VERÄIN

Duerftraditioun „Buergbrennen" oprecht erhaalen

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

Generalversammlung

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

Buergbrennen zu Fëschbech



**KONTAKT**
Adresse:
Claude TRAUSCH
Rue Grand-Duchesse Charlotte
L7430 Fischbach
Mail: claudetrausch@yahoo.de
Präsident: Claude TRAUSCH
Sekretaire: Romain LAMBERTY
Keessier: Marc KOLBER
Comitésmember: Patrick GROTZ, Jeff SPIEWAK

# AMICALE VUN DE POMPJEEËN GEMENG FËSCHBECH

## ZIEL VUM VERÄIN

Die Aufgabe der Vereinigung ist die Organisation des Vereinslebens sowie die Förderung der gegenseitigen Unterstützung der Mitglieder des CIS, die Organisation der Jugendfeuerwehr in Zusammenarbeit mit dem CGDIS und die Vertretung der Interessen der Mitglieder gegenüber allen Instanzen des CGDIS sowie gegenüber Dritten. Eine weitere Aufgabe besteht darin, die Mitglieder zur Hilfsbereitschaft anzuregen, sowie die Kameradschaft unter ihnen zu fördern und zu pflegen.

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Generalversammlung mat uschléissendem Iessen
- Membersversammlungen
- Ausfluch
- Prozessioun op Fronleichnam
- Cortège bei der Kommioun an op Nationalfeierdag
- Participatioun bei Feierlechkeeten: Albinusfeier,…
- Sportsaktivitéiten: Schwammmeeschterschaften, Veloscoursen,…
- Grillen bei der Ofschlussübung vum CIS

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Kannerfuesbal
- Feierläscherapéro mat Präventiounsstand
- Kiermesham



**KONTAKT**

Adresse:
Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech
a.m de Lucien BROSIUS
11A, rue de Rollingen L-7475 Schoos
Mail: pompiers.fischbach@pt.lu
Kontonummer: BCEE LU27 0019 3455 3858 5000
Präsident: Luss BROSIUS
Vize- Präsident: Jean-Paul DEGRAUX
Sekretaire: Lucien KARIER
Keessier: Gilberto DINIS



# SUPPORTER CLUB

### ZIEL VUM VERÄIN

Suen sammelen an un Associatiounen weidergin, déi op Spenden ugewisen sin.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER


- Suen sammelen a spenden
- Fester organiséieren

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

Thé Dansant op der Héicht




**KONTAKT**
Adresse:
Marcel KIRSCH
2, hannert de Gaarden
L-7475 Schoos
Mail: pascaleschumacher@yahoo.de
Kontonummer: LU84 0024 0101 2095 5600 BIL
Präsident: Marcel KIRSCH
Vize- Präsident: André GILLES
Sekretaire: Pascale ANDRÉ-SCHUMACHER
Keessier: Astrid KIRSCH



# SENIOREVERÄIN GEMENG FËSCHBECH

### ZIEL VUM VERÄIN

Senioren Fräizäitméiglechkeeten ze offréieren.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Revue
- Dagesausflug
- Wochenausflug

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Hierkeniessen
- Spargeliessen
- Mammendagsfeier
- Grillparty
- Floumaart
- Pappendagsfeier
- Journée du Grand-Age, Schluechtfest



**KONTAKT**
Adresse:
Senioreveräin Gemeng Fëschbech Asbl.
36, rue Grande-Duchesse Charlotte
7430 Fischbach
Präsident: Marie-Louise HAAS-ERPELDING
Vize- Präsident: Jean BÜCK
Sekretaire: Marie-Anne HEIDEMANN
Keessier: Sylvie SPIEWAK

# SPUERVERÄIN "EN APEL FIR DEN DUSCHT"

### ZIEL VUM VERÄIN

Der Verein hat zum Zweck, periodisch Spargelder zu hinterlegen, Veranstaltungen und Ausflüge zu organisieren, um so das Gesellschaftsleben zu förden.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- 1 Mee-Feier a Generalversammlung
- All 1 Méindeg am mount gët d'Kees opgemach

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

Choucroute garnie op der Héicht



**KONTAKT**
Adresse:
40, rue Beringerberg
L-7410 Angelsberg
Mail: malauerp@pt.lu
Präsident: Roger KOLBER
Vize- Präsident: Marianne KERSCH
Sekretaire: Marie-Louise HAAS-ERPELDING
Keessier: Nico SPIEWAK

# THEATERVERÄIN FËSCHBECH – SCHOUS – ANGSBERG

### ZIEL VUM VERÄIN

Treffen vun den Memberen fir verschidden Aktiviteiten auszefeieren, dei souwuel direkt wei och indirekt eppes mat enger kultureller Manifestatioun ze din hun.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Memberen spillen selwer en Theatersteck
- Generalversammlung matt uschleissendem lessen
- Theater bei aaner Verainer kucken goen
- Trëppeltour matt engem lessen
- Krëschtfeier
- Vertrieden vum Verain op Nationalfeierdaag an bei den Commémoratiounsfeierlechkeeten

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Theaterowender /-mëtteg
- Generalversammlung



**KONTAKT**
Adresse:
1, rue de l'Eglise L- 7430 Fischbach
Mail:comite@theaterfsa.lu
Kontonummer: BCEE LU860019130036676000
Präsident: Jean-Paul DEGRAUX
Vize- Präsident: Triny WIRTZ
Sekretaire: Tania BROSIUS
Keessier: Yves REISER

GEMENG

29

# SCHÉISSER WIICHTELCHER



## ZIEL VUM VERÄIN

Éischten But wor et, déi al traditionell Fester, déi virdrun vun de Pompjeeën vu Schous organiséiert goufen oprecht ze erhalen an dofir ze suergen, datt des weider gefouert ginn.

An de leschten Joren ass awer nach e weidert ganz wichtegt Ziel derbäi komm. Eist Duerf ass méi grouss ginn, an ass nach ëmmer am Wuessen.

Mier al Wiichtelcher gesinn eng vun eisen Aufgaben doranner, fir de Kontakt ënnert eisen Matbierger ze förderen an ze fleegen, nom Motto: „Fir e gutt Zesummen an e bessert Mateneen“.

Dofir versiche mir Jonk an Aal, Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger a besonnesch eis nei Awunner zesummenzebréngen an an eis Duerfgemeinschaft ze integréieren. A wéi kennt engem dat wuel besser geléngen, wéi wann een zesumme schafft an zesumme feiert.



## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- 1. Mee (Meekranz) a Generalversammlung
- Trëppeltour

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Buergbrennen (Buergsonndeg)
- Quetschekraut kachen a verkafen
- Bistro „an der Keilchen“. All leschten Freideg am Mount (virun Corona) ënnerhalen mer zesummen mat de Maarkollefen vu Fëschbech e Bistro, deen bis ewell ëmmer decken Succès huet.
- Mir hunn och alt emol scho Viz gemaach, e Beaujolaisowend an och e Cabaretsowend organiséiert, a sinn op fir all weider Proposen an nei Ideen.

## KONTAKT

Mail: info@wiichtelcher.lu
www.wiichtelcher.lu
Präsident: Liz BROSIUS
Vize-Präsident: Marco KARIER
Keessier: Mike DAEMS





# BADMINTON REGIOUN MËLLERDALL

## ZIEL VUM VERÄIN

D'Zil vum „Badminton Regioun Mëllerdall" ass et den Awunner aus de 9 Gemengen ab 4 Joer eng sportlech Aktivitéit uzebidden. Am Mëttelpunkt steet de Badminton a fir all Alterskategorie a Spillniveau gëtt eppes ugebueden: MiniBad (4 - 8 Joer), KannerBad (9 - 16), SeniorBad (ab 17), ParaBad, HobbyBad, FitBad an WanderBad.

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Trainéiert gëtt 1 bis 6 mol d'Woch je no Alterskategorie a Spillniveau an dat op verschiddene Sitten.
- Fir déi nächst Saison ass de Romain Robert, e renomméierten franséischen Spillertrainer agestallt ginn, deen an allen 9 Gemengen den Training hält. Wann déi nei Sportshal zu Miedernach bis fäerdeg ass, huet de Veräin zesummegezielt 33 Badminton Terrainen zur Verfügung
- D'Jugend- a Senior-Ekippen spillen mat am Badminton Championnat an an der Badminton Coupe. D'Member kënnen nach zousätzlech u lëtzebuerger Turnéier (Masters fir déi Grouss, Grand-Prix fir déi Kleng, Hobby fir déi ouni Lizenz) deelhuelen.

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

De „Badminton Regioun Mëllerdall" wäert ënnert anerem ee Masters an ee Grand-Prix organiséieren, d.h. jeeweils een Turnéier fir Senioren an een Turnéier fir d'Jugend.



**KONTAKT**
Adresse:
Badminton Regioun Mëllerdall
5, a Kilker
L-7680 Waldbëlleg
Luc SCHMIDT: 691 821 592
www.badmintonregiounmellerdall.lu
Mail: badmellerdall@gmail.com
Kontonummer: CCPL LU02 1111 7016 3736 0000
Präsident: Luc SCHMIDT
Sekretärin: Steff FLAMMANG
Keessier: Myriam REUTER
Sponsoren: Laurent DIELISSEN
ParaBad, Medien: Tessy EIFFES
Lizenzen: Nicole BINTENER
Kontakt mat de Gemengen: Nmili AICHA



# BBC ARANTIA LAROCHETTE

## ZIEL VUM VERÄIN

Jonk an manner jonk Leit fir den Sport „Basketball“ begeeschteren.

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Bei den Jugend- an Seniorsmatcher Buvette, d’Auer, den Bou maan
- Präsenz vun den Supporteren bei den Matcher
- Vertriedung vum Verain fir Nationalfeierdaag
- All Basketsbegeeschterten as ëmmer wëllkom: Butzebaket (bis 6 Joer), Prépoussins (bis 9 Joer), Poussines a Poussins (bis 11 Joer), Fillettes a Minis (bis 13 Joer), Filles-Scolaires a Scolaires (bis 15Joer); Cadettes a Cadets (bis 17 Joer); Dammen- an Härenequipe.
- Mir sichen och ëmmer Trainer a Leit déi hëllefe fir eis Equipen an am Veräin

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Opening/Sponsorevent
- Generalversammlung
- Jugendtournoi’en
- Oofschlossfest
- Preparatiounsmatcher bei den Senior’en

**KONTAKT**

Adresse:

Plateau Birkelt

L- 7633 Larochette

Mail: bbc.arantia@pt.lu

Kontonummer: BGL LU96 0030 0227 6807 0000

Präsident: Gaby HOFFMANN

Vize-Präsidentin: Tania BROSIUS

Sekretaire: Pedro NUNES

Keessier: Vic DIDERRICH





# AS RUPENSIA LAROCHETTE

## ZIEL VUM VERÄIN

Fussball, Veräinsliewen

## AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

- Fussballsmatcher mat follgenden Ekippen:
  - Bambini: Kanner bis 7Joer
  - Pupilles: Kanner bis 9 Joer
  - Poussins: Kanner bis 11 Joer
  - Dammenequipe
  - 1. Equipe Hären
  - 2. Equipe Hären Reserve

- Mir sichen och nach Trainer fir eis Jugendequipe an sinn och op der sich no Nowuesstalenter

## MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

- Organisatioun vun Turnéieren
- Bleechfester

**KONTAKT**

Adresse:
28, Um Beil
L-7653 Heffingen
Mail: rupensia@hotmail.com
Kontonummer: BCEE LU56 0019 2900 0133 4000
Präsident: Luis Filipe CENTEIO SILVEIRA
Vize- Präsident: Claudio CRUZ
Sekretaire: Joâo Modesto CALDAS PACHECO
Keessier: Jorge SOUSA DO SACIMENTO







# KUKKIWON LAROCHETTE ASBL

### ZIEL VUM VERÄIN

Verteidigungssportart Taekwondo populär ze machen.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

Training an der Sporthal FILANO an der Fiels Mëttwochs vu 17.30-21.00 a Freides vun 18.00-21.00.

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

U national ewéi och international Tournoien deelhuelen.



**KONTAKT**

Adresse:
Luc JEMMING
10B, Montée d'Ernzen
L-7636 Ernzen
Mail: luc.jemming@larochette.lu
Präsident: Luc JEMMING
Sekretaire: Mike WEBER
Keessier: Romain DICKEN

# VC FILANO

### ZIEL VUM VERÄIN

Promotion de toute forme de la pratique cycliste.

### AKTIVITÉITEN VUM VERÄIN AM LAAF VUN ENGEM JOER

Organisation des Sortie de VTT et Vélo de Route, participation aux événements cyclistes dans le pays et à l'étranger.

### MANIFESTATIOUNEN VUM VERÄIN

Randonnée VTT Roger Wirtz 11 & 12.09 Hall Sportif Filano Plateau Birkelt Larochette.



**KONTAKT**

Adresse:
Hall Sportif Filano Plateau Birkelt Larochette
L- 7633 Larochette
Mail: info@vc-filano.lu
Kontonummer: IBAN LU48 1111 2581 3013 3000
Präsident: Pitt KIRTZ
Sekretaire: Serge ALEXANDRE
Keessier: Jim SCHMIT

***Léif Bierger,***

An der Schoul, an der Maison Relais, iwwerall wou mir kënnen, gräift eis Gemeng op Fairtrade Banannen zréck. Well Fairtrade den eenzegen Zertifizéierungs System ass deen e Mindestpräis fir déi kleng Produzenten ubitt - e wichtegt Sécherheetsnetz fir si - an och well Fairtrade Pionéier Aarbecht leescht a Richtung Living Wage fir d'Aarbechter op de Bananne Plantatioune.

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

Vum 27.09 bis den 1.10 organiséiert d'ONG Fairtrade Lëtzebuerg d'Campagne Make Bananas Fair.
Schléisst iech un a wielt och dir Fairtrade Banannen!
Déi sinn 3x gutt: fir är Gesondheet, fir déi kleng Produzenten an Aarbechter & fir d'Äerd .




***Produzenten im Fokus***

Entdecken Sie die Geschichte der FAIRTRADE-Koopeartive Coobana. Früher litten sie unter dem Bananen-monopol, heute geht es ihnen besser, dank FAIRTRADE.

Gelangen Sie zum Video über den QR-Code

27.09.-10.10. 2021

MAKE BANANAS FAIR !

FAIRTRADE LËTZEBUERG

# Aktivitéiten an der Schoul



**Am Juni an Juli sinn d'Kanner aus dem Cycle 1 ëmmer zu 2 Klasse wärend jeeweils enger Woch all Dag an de Bësch op Fëschbech gaangen.**

Hei gouf gespillt, gebaut, geschafft a vill geléiert. Ob bei Seelkonstruktiounen, an den Hängematten oder beim Sammele vu klenge Krabbeldéiercher a Schleeken, si hate vill Spaass an hu sech gutt amuséiert. Freides duerfte si souguer dee ganzen Dag am Bësch bleiwen.























# Eraus an d'Natur

Hei epuer Impressioune vun den Ausflich vum Cycle 2 an de Bësch.





















## Gewonnen!

D'Kanner aus dem Cycle 2.2 hunn net schlecht gestaunt, ewéi si ufanks Juni per Post matgedeelt kruten, datt hiere Cycle e Klassepräis beim Molconcours vun der Raiffeisekees gewonnen huet.

Si hunn e ganze Moien als Klass fir näischt dierfe klamme goen am Kloterpark „RedRock Climbing Center" zu Suessem.

Mir hate vill Freed ewéi dir op de Fotoe gesitt.





# Foussgänger-führerschäin

De Foussgängerfürerschäin gouf mat de Kanner aus dem Cycle 1 an 2 gemaach.














# D'Kanner aus der Angsber Schoul léiere Madagascar kennen an spende fir de gudden Zweck

**Am Mäerz 2021 ass d'ONG E.D.I. Madagascar un eis School erugetruede fir ze froen, op mir interesséiert wären, fir e Film innerhalb vun eiser Schoul ze dréien. D'Zil vun deem Film ass et, fir den Dagesoflaf vun engem lëtzebuergesche Kand mat deem vun engem madagassesche Kand ze vergläichen, a mat Hëllef vun dësem Dréi, d'Kanner an déi Erwuesse fir d'Problemer ze sensibiliséieren, déi et op Madagascar ginn.**

Am Abrëll ass du wärend engem Moien an der Klass vum Cycle 3.2 gedréit ginn: D'Schüler ware begeeschtert a si sech bewosst ginn, datt et net sou einfach ass, e Film ze dréien.

Ufank Mee ass eng Equipe vun der ONG E.D.I. Madagascar bei eis an d'Schoul op Besuch komm an huet flott Ateliere ronderëm d'Thema „Madagascar" mat de Kanner aus de Cyclen 3 a 4 gemaach. Bei där Geleeënheet hunn d'Kanner dann och de Film gewise kritt. D'Schüler vum 2. Cycle haten och d'Geleeënheet fir de Film ze gesinn.

Dëst war de Start vun engem laangfristege Projet vun E.D.I. Madagascar zesumme mat eiser Schoul, mam Numm „SEKOLY* pour tous, c'est cool!" (*„Schoul" op Malgache).

Un dësem Projet huelen dräi Schoulen hei zu Lëtzebuerg deel. Geplangt ass scho fir kuerz no der Rentrée 2021/22 e weidere Moie mat Aktivitéite fir d'Kanner ze organiséieren, sou wéi och eng Bréiffrëndschaft opzebauen.

Och wann eis Schoulkanner duerch de Film gesinn hunn, datt déi madagassesch Kanner mat wéineg ganz frou an zefridde sinn, sou hu si awer decidéiert, fir eppes op d'Been ze stellen, fir d'Kanner aus der Regioun vu Brickaville op Madagascar ze ënnerstëtzen.

D'Iddi vun engem Spende-Laf huet sech séier konkretiséiert a sou sinn eis Schoulkanner all, déi ganz Kleng bis zu deene ganz Groussen, e Moien am Juni zesummen 699km ronderëm d'Schoul gelaf, fir mat der Ënnerstëtzung vun hire Lafpätteren a Lafgiedelen eng ganz remarkabel Zomm un E.D.I. Madagascar ze spenden.

Eis Gemeng Fëschbech huet hir Ënnerstëtzung och duerch en Don ausgedréckt a sou waren d'Kanner an d'Enseignanten aus der ANGSBER SCHOUL houfreg fir e Chèque, vun ronn 9.000 € kënnen un E.D.I. Madagascar ze iwwerreechen.

E grousse MERCI un all eis engagéiert a sportlech Schoulkanner, hir Elteren, d'Lafpätteren a -giedelen, d'Maison Relais an d'Gemeng Fëschbech.

*Jacquie WAGENER*





ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

41








42



















ANGSBER SCHOUL
leeft
fir
E.D.I MADAGASCAR




# COUPE SCOLAIRE



Nodeems d'Coupe Scolaire d'lescht Joer huet missen ofgesot ginn, konnt se dëst Joer endlech erëm stattfannen, déi zweet offiziell Coupe Scolaire vun der Angsber Schoul. All d'Schüler aus dem Cycle 4 hunn un de verschiddene Prüfungen deelgeholl. Ugefaangen huet alles mat engem theoreeteschen „Examen“, deen all d'Kanner mat Bravour bestanen hunn. No villem Üben ass et dunn den 18. Juni un déi praktesch Tester gaangen. Ugefaangen hu si mat engem Geschécklechkeetsparcours, wou si hu missen ënner Beweis stellen, wéi sécher a präzis si hire Vëlo iwwer allméiglech Hürde féiere kënnen. Duerno dann déi lescht, mee wichtegst Etapp: d'Fueren op der Strooss. D'Schüler sinn e festgeluechte Wee duerch Angelsbierg gefuer, an hu sech keng Feeler dierfen erlaben! Un all Kräizung a bei all Kéier stoungen Enseignanten, Elteren, fréier Schüler, Personal aus der Maison Relais an aner Fräiwëlleger (hei och e grousse Merci u jiddereen, dee geholf huet!), fir ze kucken, ob eis Kanner alles richteg maachen, a jo kee Schëllerbléck, keen Handausstrecken a keng Virfaart vergiessen. Schlussendlech konnten hir Enseignanten all de Kanner hire wuel verdéngte Vëlosfürerschäin iwwerreechen.
Bravo!





*Fabienne DE MARTINES*











# Nei Bänken





**Nodeems mir am Laf vum leschte Joer eng flott Pétanques-Pist vun der Gemeng bei der Angsber Schoul ageriicht kruten, hu mir no der Päischtvakanz 2021 net schlecht gestaunt, wéi mir nieft dëser Pist och nach ganz schéin nei Bänken aus Holz aus de Fëschber Bëscher entdeckt hunn. Dës Bänke stinn no bei der Pist, mee och ganz gutt placéiert, ënnert Beem, sou datt si eis Schiet spenden, am Fall, wou mir am Nomëtteg drop sëtze wëlle fir ze schaffen.**

Dovun hu mir dann och ugangs Juni profitéiert, wéi et scho gutt waarm dobaussen, an doduerch immens waarm am Schoulgebai war, wéi dir hei op dëse Fotoe gesi kënnt.

Et mécht eis Freed, an esou Momenter eng Aart „Schoul dobaussen" ze halen, wou mir vun enger frëscher Lëftche profitéiere kënnen, wann et am Gebai ze waarm gëtt.

Merci der Gemeng fir dës flott Sëtzgeleeënheeten!

*Mireille GARSON*







# Aus dem Bësch bei d'Angsber Schoul

**Eng déck Eech war dem Stuerm zum Affer gefall. No wäit méi wéi 100 Joer am Fëschber Bësch huet si sech misste geschloe ginn a louch enges Moie baussent dem Bësch um Feld, ganz ouni Friemawierkung.**

E Stamm deen esou laang hei gewuess ass brauch eng sënnvoll Verwendung, am beschte souguer hei bei eis.

Eng Demande war do. Eis Schoul huet sech e Klassenzëmmer baussent dem Schoulgebai am Schied gewënscht, fir déi waarm an erdréckend Deeg mol kënnen e Cours un der frëscher Loft ze halen.

Et louch also op der Hand wat misst mam Stamm geschéien. Bis zu fäerdegen Dëscher a Bänken aus «Holz vun hei» ass et dann awer nach e wäite Wee.

Eng Partie Leit hunn a verschiddenen Aarbechtsgäng eng Hand mat ugepaakt. Eise Fierschter a seng Leit hunn de Bam opgebotzt an eng Bamscheif fir d'Schoul als Souvenir erofgeschnidden. Fir den Transport op d'Seeërei gouf deen enorme Stamm vum Raym aus dem Bësch bis bei den nächste Wee geschleeft a vun de Bëschaarbechter an zwee gedeelt. Virum duerchschneiden huet d'maximal Längt vun de spéideren Dëscher a Bänken awer misste fixéiert sinn. An der Seeërei „Holzbau Neumann" zu Hiefnech goufen d'Brieder op d'Mooss geseet. Dat geschniddent Material koum zeréck an d'Gemeng, op Schous an de Gemengenatelier. Hei hunn eis Jongen aus dem Atelier mat vill Léift a Geschéck d'Féiss vun de Bänke geschweesst, d'Dëscher zesummegesat, ugestrach an dunn déi fäerdeg Sëtzgruppen op Angelsbierg bei d'Schoul gefouert.

Den Opwand huet sech gelount an d'Freed ass grouss wéi een op de Fotoen aus der Schoul ka gesinn!

Merci un all déi wou un dësem Projet matgeschafft hun!

*De Schäffen a Gemengerot*



















# Schoulrallye

**Wéinst der Covid Situatioun konnt d'Elterevereenegung Fëschbech leider och dëst Joer keen Schoulfest fir d'Kanner organiséieren.**




Fir de Kanner awer eppes Spezielles zum Ofschloss vum Schouljoer 2021 ze maachen, huet d'Elterevereenegung en Schoulrallye fir d'Kanner geplangt. Zesummen mat hirer Joffer huet all Klass en Rallye duerch de Fëschber Bësch gemaach. Per App hunn si interessant Froen iwwert d'Gemeng an d'Natur missen beäntwerten an haten vill Spaass bei de Spiller déi si ënnerwee erwaart hunn. Wien zum Schluss gutt gesicht huet, krut als Belounung eng Medaille mat dem neien Logo vun der Elterevereenegung

*Elterevereenegung Fëschbech*



















# Summeraktivitéiten „Bei de Kueben“

## Déi 4 Elementer

**Dëst Joer hunn sech d’Spillnomëtteger am Précoce an am Cycle 1 ëm d’Thema „4 Elementer" gedréint. An verschiddenen Aktivitéiten gouf probéiert déi 4 Elementer Feier, Waasser, Loft an Äerd ze thematiséieren. Dofir goufen all Dag 2-3 Atelieren zu engem vun dësen Elementer ugebueden.**



Beim Thema Äerd si mir ënnert anerem ee Mëtten an de Bësch gaangen. Aus Leem an Naturmaterialien, wéi Äscht a Blieder, sinn op de Beem sougenannte „Bëschmonsteren” entstanen. Hei war der Kreativitéit keng Grenzen gesat.

Um Programm stoung och ee „Barfusspfad“, ee Wee deen d’Kanner ouni Schong gaange sinn. Hei konnten si d’Texture vun deene verschiddene Materialien spieren iwwert déi se gaange sinn, ënnert anerem Gras, Stréi, Steng a Sand.

Am Zesummenhang vun den Elementer Loft a Waasser hunn mir Seefeblose gemaach, mat Hëllef vun enger Strëmp, enger opgeschniddener Waasserfläsch a Seefewaasser.

De leschten Dag stoung d’Thema Feier um Programm. Hei hunn d’Kanner en Paangechersdeeg selwer gemaach, dësen ass dono dobaussen um Holzuewen gebak ginn.













**Wärend de Summeraktivitéiten vum C2 goufen 2 Woche laang vill sportlech a kreativ Aktivitéiten gemaach. Dovunner waren 2 Aktivitéiten eng Olympiad an ee kreativen Designatelier.**

# Olympiad



Bei dëser Mini-Olympiad si 4 Gruppen a verschiddene Sportsdisziplinnen ugetrueden an hunn dobäi probéiert esouvill Punkte wéi méiglech ze sammelen fir zum Schluss als grousse Gewënner do ze stoen.



All Grupp huet sech ee Land erausgewielt wat si presentéieren wollten. Matt dobäi waren: d'Schwäiz, de Portugal, Italien a Frankräich.

Déi 4 Ekippen hunn dunn als éischt misse verschidde Sportdisziplinnen duerchgeholl: Staffellaaf, Wäitschéisse, ee Parcours mat engem Sprangsak a Sprintlaafen waren dobäi. Zum Schluss konnt een och nach fläisseg Punkten an den „Sportdueller"sammelen: Do war et beim 11 m (Fussball) esou wéi beim Völkerball-Turnéier richteg spannend.



No fläissegem Kämpfen an Duerchhalen stoung de grousse Gewënner schlussendlech fest: Et war d'Grupp „Portugal". All Gewënner krut ee klenge Präis mat heem. Well awer all Kand flott matgemaach huet, gouf et och eng kleng Goldmedaile fir jiddereen.





# T-Shirtdesign

Bei dëser Aktivitéit waren de Kanner hier artistesch a kreativ Kompetenze gefrot ginn. Op engem wäissen T-Shirt konnten si hiren eegenen Design mat speziellen Faarwen an Stoffmaterial entwéckelen. Si konnten och eng Foto vu sech an den Design matintégreiren.







# Rallye

D'Summeraktivitéiten hunn mir mat engem Rallye gestart, wou Wëssen, Teamgeescht & Kreativitéit gefrot waren. Op deene verschiddene Statiounen konnten d'Kanner ee Quiz maachen, Douse schéissen, Schätzfroe beäntwerten, ee Mandala nomaache mat Naturmaterialien a Schnick Schnack Schnuck mat Beweegung spillen. Ween déi meeschte Statiounen an der Grupp gewonnen hat, hat och de ganzen Rallye gewonnen.





















# Sport

Op eisem éischte Sport Day si mir mam Vëlo vu Miersch bis a d' Stad gefuer, wou mir op d'Piratenspillplatz waren an do eng Glace giess hunn. Mat getankter Energie si mir dunn erëm zeréck gefuer a sinn no enger klenger Paus ënnerwee op enger Spillplaz sécher zu Miersch ukomm.

Um zweeten Dag vum Sport Day hunn mir Baseball gespillt an ee Parcours opgeriicht wou och nees Teamgeescht gefrot war.



# Kreativ

Mir haten och zwee Kreativ Deeg, wou d'Kanner Fläschen ugesprayt & gemoolt hunn an awer och eppes Neies geleiert hunn an zwar d'Bitzen. Sie konnten têschen engem Zännbiischt Etui, enger Posch an engem Topfuntersetzer wielen. Fir ee Gefill fiert Maschinnen ze kréien konnte d' Kanner al Stoftreschter uneneen bitzen. Duerno hunn si dann alleguer mat hirem Projet ugefaangen an déi eenzel Etappe gutt gemeeschtert.













# Ofschlossfest

D'Kanner vum C2-4 hunn de Buffet virbereet an opgeriicht, duerno konnten si sech um Sprangschlass austoben an eng lecker Zockerwatt genéissen.











# Albinusfeier

**18.07.2021 FËSCHBECH**

## „Sankt Albin im Regen, kein Erntesegen.“

Wann mir no dëser Reegel ginn, da misst 2021 d’Recolte extra gutt ausfalen. Wëll net just den 01. Mäerz huet et net gereent mee och den 18. Juli war schéint Summerwieder. Et war dat den Dag un dem déi traditionell Albinusfeier zu Fëschbech nogeholl gouf.

No der Sonndesmass huet den Här Kaploun, Tristan Hecker, iwwer 40 Trakteren a Gefierer an awer och Ponyen a Päerd geseent.

Och dëst Joer hat d’Melk-Zenter vun Angelsbierg ee klengt Undenke fir all d’Chauffeurinnen, Chauffeuren a Reiderinne besuergt.

No dëser Zeremonie goung et dunn op Angelsbierg an den „Bistro beim Ana“ wou fir Iessen, Gedrénks a gutt Stëmmung duerch Livemusek gesuergt war.







## *«Quand il pleut à la Saint-Aubin, l'eau est plus chère que le vin.»*

*Si on observe cette règle, on devrait avoir une récolte particulièrement bonne en 2021. Car non seulement il n'a pas plu le 1er mars mais il faisait aussi un beau temps d'été le 18 juillet. C'était en ce jour que la fête traditionnelle de Saint-Aubin à été célébré à Fischbach.*

*Après la messe du dimanche, Monsieur le vicaire, Tristan Hecker, a béni plus de 40 tracteurs et véhicules ainsi que des poneys et des chevaux.*

*Cette année encore, le Melk-Zenter d'Angelsberg a organisé un petit souvenir pour tous les chauffeuses et chauffeurs.*

*Après cette cérémonie, les participants se sont retrouvés au "Bistro beim Ana" à Angelsberg où nourriture, boissons et bonne humeur étaient assurées ainsi que de la musique live.*




W 3688


50134


AL 4923








54196

# Mammendagsfeier op der Héicht

## Senioreveräin

13.06.2021 SCHOUS

**Dëst Joer huet eise Veräin (bedéngt duerch Corona) sech eng afalen gelooss fir senge Memberen a Mammen eng flott Iwwerraschung ze bidden.**

Mir hunn jiddwerengem, dee laanscht komm ass (Drive-In) eng kleng Opmierksamkeet an de Mammen e flotte Kaddo iwwerreecht. Eise Comité war frou iech alleguerten erëm ze gesinn.

Mir hoffen nächst Joer Mammendag esou ze feiere wéi dat fréier ëmmer war.

Bleift gesond!

*De Comité*










# Léiffrawëschdag

**15.08.2021 FËSCHBECH/SCHOUS**

**Eng flott Traditioun ass et hei am Land, fir de 15. August e Bouquet aus Fruucht a wëlle Kraider ze bannen.**

Do kommen dann niewent Weess, Huewer, Kar a Geescht och vill Kraider dobäi wéi z.B.: Kamillen a Peffermënz,Dëll a Kléi.

Awer och manner bekannter wéi Batteralzem, Haartnol, Kannertéi, Batteréiss, Wueremsam, Léiffra-bettstréi, Baltes, Kazeschwanz, Muttergotteshoër an natierlech Léiffrawësch.

Zum Schluss kënnt dann och nach eng Ënn an eng Muert dobäi. All des Kraider gi schonn Deeg a Wochen virdrun vun de fläissege Fraen a Mammen op der Gewan an um Feld gesammelt.

Nodeem d'Wësch gebonne sinn, ginn se an der Mass geseent an duerno am Haus oder am Stall opgehaangen, als Schutz fir d'Famill an hier Déieren.

Och dëst Joer ass de Wësch vun de Fraen a Mammen fir e gudden Zweck verkaf ginn.

*De Comité*











# Eng Bronzemedail fir de Vrehen ‘s Paul bei der Trakterweltmeeschterschaft zu Bruck/Fusch um Grossglockner an Éisträich

**Sécher ginn et net vill Bierger a Biergerinnen aus eiser Gemeng, déi schonn emol un enger Weltmeeschterschaft deelgeholl hunn an dobäi och nach eng Bronzemedaile gewonnen hunn. De Vrehen 's Pol vu Schous kann dat vun sech behaapten. Seng Bridder a Kolleegen haten am Virfeld schonns e puer mol un der Oldtimer Trakter Weltmeeschterschaft zu Bruch/Fusch deelgeholl an 2014 sollt et dunn fir hien och esou wäit sinn.**

Zanterhier ass déi Manifestatioun, déi an Éisträich säit 20 Joer um Fouss vum Grossglockner stattfënnt en Evenement am Zäitplang vum Pol, dat hien net wëll mëssen. Et ass fir hien a seng Fra Céline Wies, déi mat net manner grousser Begeeschterung dovunner gezielt huet, eng Vakanz an de Bierger.

Hien huet also 2014 den Trakter op den Unhänger gelueden an huet fir d’éischte Kéier deelgeholl. Knapps war hien erëm doheem ukomm, huet hien sech un d’Aarbecht gemaach, fir säin eelsten Trakter, en Fendt Dieselross F22 vun 1941 ze renovéiere fir 2015 deelzehuelen.

Dat war verständlecherweis mat villen Erausfuerderungen an Aarbechtsstonne verbonnen, mee knapps virum Start am Joer 2015 war d’Renovéierung ofgeschloss.



Wéi hien dunn zu Bruck ukomm ass, huet hien net schlecht gestaunt, wéi e gewuer ginn ass, dass de renovéierten Trakter zu engem vun den 10 eelste géif gehéieren.

Stellvertriedend fir all di aner Participante sinn di zéng eelsten Trakteren an eng Rei opgestallt a geseent ginn. No allen Epreuven huet de Vrehen’s Paul, dunn nach méi gestaunt, wéi hie bei der offizieller Siegerehrung opgeruff ginn ass, an di formidabel 3 Plaz beluecht huet.

Seng Glécksgefiller konnt hie bal net beschreiwen: eng grouss Iwwerraschung, Zefriddenheet an Unerkennung hunn niewent der riseger Freed dominéiert.

Säit 2014 stoung dem Paul seng Participatioun virun allem ënnert dem Motto: Dobäi sinn ass alles, an dann als Kiischt um Kuch eng Bronzemedail!

Am Joer 2019 huet sech no villem Plangen an Diskutéieren eng Grupp vun 10 Leit aus Lëtzebuerg zesummefonnt, fir sech mat hiren Trakteren a mat Roulottë vu Lëtzebuerg aus op de Wee ze maache fir un der Weltmeeschterschaft deelzehuelen.De Paul an seng Ekipp hunn sech Sonndes op de Wee gemaach. Um Bodensee hunn se e klengen Ofstiecher an den Trakter-an Autosmusée gemaach, duerno stoung nach e klenge Stopp bei den Trakterswierker Fendt zu Markobersdorf um Programm, grad esou wéi bei Lindner zu Kundel an Éisträich.



No enger Woch an 1088 gemittleche Kilometer sinn se um Fouss vum Grossglockner ukomm am Duerf Bruck. Hei stoung dunn natierlech erëm di Weltmeeschterschaft um Programm.

Zesumme mat der Famill a Frënn huet de Paul dat Ganzt genoss, zemools d’Fueren erop op de Grossglockner samschdegmoies, wou d’Strooss just fir d’Traktere reservéiert ass. Hien huet all eenzel Kéier genoss an di ëmmer erëm wonnerbar Aussiichten op d’Biergwelt.




De Grupp aus Lëtzebuerg war 2019 zu 29 Fuerer um Start, a mam Céline, Karin a Maggie huet och eng reng Dammenekipp deelgeholl. Ernimmt gi muss hei och nach, dass d'Céline déi éischt Fra aus Lëtzebuerg ass, déi de Grossglockner mat engem Trakter eropgefuer ass. Uschléissend gouf d'Heemrees mat villen neien Erfarungen a schéine Momenter am Gepäck an Ugréff geholl an et ass erëm gemittlech heem gerullt ginn, wou si samschdes mat ville schéinen Erënnerungen am Gepäck an ouni Pann gutt ukomm sinn.

Dat flottst un deem Ganzen ass fir hien di Passioun fir déi historesch Gefierer mat anere Kolleegen ze deelen, esou nei Erfarungen ze maachen, ze léieren, nei Frënn ze gewannen, schéi Momenter ze erliewen an déi herrlech Landschaft ze genéissen.

Weider Informatioune fannt Dir am Film vum Här Faber op youtube apart TV Traktor WM 2019 Grossglockner an op www.traktorwm.at

*Marianne BROSIUS*







# De Spëtzbouf vu Fëschbech



**Säit sechs Joer wunnen de Ramon Hamm an d'Edith Zwinnen bei eis an der Gemeng. A wann der mat hinnen an d'Gespréich kommt, da mierkt der séier, datt et hinnen hei richteg gutt gefält. Wann der no der Ursaach frot, firwat se heihi geplënnert sinn, da weisen se op d'Vue vun hirer Terrasse: Wisen, Bësch, Gréngs sou wäit ee kucke kann. Mee dorëms geet et hei am Fong geholl net. Mir ware bei hinnen doheem wéinst hirem Hobby, vun deem ee roueg ka behaapten, datt en net alldeeglech ass.**

## E LIKÖR NIEWELAANSCHT

De Ramon war scho säit Joren amgaang seng eege Likören ze maachen, awer ëmmer nëmme fir den Hausgebrauch. Mol huet en dëst probéiert, mol dat an esou huet sech am Laf vun der Zäit eng gewëssen Erfarung erginn. A grad esou huet et sech och erginn, datt se sech dunn Allenzwee mat dem Hobby beschäftegen. D'Edith huet dofir och eng gutt Erklärung parat: „Mir hunn eng Aktivitéit gesicht, bei där mär eppes kéinten zesumme maachen." An esou steet méi wéi ee Weekend ganz am Zeeche vun der Likörfabrikatioun. Fir 10 Liter Likör ze kréien, muss een ongeféier dräi an eng hallef Stonn Aarbecht rechnen, ounst d'Waardezäiten wou d'Preparatioun entweder muss zéien oder ofkillen. Dat fänkt un, datt fir d'éischt d'Fläschen desinfizéiert ginn. Duerno gëtt dann de Likör eng éischte Kéier gekacht wou dann och sämtlech Kraider oder aner Ingredienten mat derbäi sinn. No dem Ofkillen a Filtere, gëtt dann eng zweete Kéier gekacht. Ganz zum Schluss kënnt dann den Alkohol derbäi. Jee no Virléift kann dat Rum sinn, eng Uebstdrëpp oder Wodka. D'Afëllen an d'Fläschen ass dann och eng ganz Zeremonie, wou ee ganz minutiéis muss schaffen, ier de Stopp drop kënnt. Dee fäerdege Likör gëtt da sechs Woche roue gelooss.

## E GEHEIMNIS, DAT SCHMAACHT

Ugangs des Joer hu se di allerneiste Kreatioun probéiert an d'Noperen genee wéi d'Famill waren Testkanéngercher. Hiert Urteel war sou positiv, datt de Ramon an d'Edith sech decidéiert hunn deen neie Likör och kommerziell ënnert d'Leit ze bréngen. Dat war natierlech méi einfach gesot wéi gemaach, well ier déi éischt Fläsch tatsächlech huet däerfe verkaf ginn, waren e ganze Koup Autorisatiounen néideg. An der Tëschenzäit sinn déi awer alleguer do an de Verkaf kann elo ufänken. De Likör huet och en extra Numm kritt: „Spëtzbouf". Firwat en esou heescht, dozou kann de Ramon eng Geschicht verzielen: „En drénkt sech esou gutt, datt een net mierkt, wann en engem an de Kapp klëmmt. E stiicht eng ouni datt een et mierkt. Wéi e richtege Spëtzbouf eben."Dat ass bei sengen 31 Grad Alkohol och net wierklech verwonnerlech. „Virun allem Fraen hunn eis gesot, datt se dat géifen e bësse staark fannen. Dofir hu mär ausprobéiert fir eng méi liicht Versioun ze maachen." Aus deem Versuch ass du souzesoen e klénge Brudder entstane, deen nëmmen 23 Grad huet an deen dann den Numm „Spëtzbéifchen" krut. Wéi sech dat fir all gutt Rezept gehéiert, sinn och hei d'Ingredienten dat Wichtegst fir de Produit onverwiesselbar ze maachen. Wat fir dat sinn, bleift selbstverständlech e Geheimnis. Wat awer kloer ass an och e Markenzeechen ass, dat ass, datt dëse Likör op Basis vu Béier gemaach gëtt.

## ENG GUTT DRËPS

Och d'Etiketten huet de Ramon selwer designt. Eng Silhouette vum Grand-Duché mat enger rout-wäiss-bloer Sträif ronderëm weist kloer, wou di Fläschen hierkommen. A ganz uewen steet onverkennbar „Fëschber Likör". An da stinn do nach dräi Buschtafen „DGD". Wat bedeit dat dann? Dat kann eis d'Edith soen:



*„Dat ass d'Ofkierzung vun eiser Marque. Se steet fir „Déi gutt Drëps" an dat hu mär gewielt, well eis Likören sou gutt sinn, datt een se bis op di lescht Drëps wëll drénken.Obschonns de Verkaf vun de verschiddene Likören elo ufänkt, ass dee kommerziellen Aspekt net dat Wichtegst. Eis geet et net drëms fir méiglechst vill ze verkafen. Et soll jo Spaass maachen an net a Stress ausaarten. Eis gréisste Satisfaktioun kréie mär, wann en de Leit gutt schmaacht a se sech iwwert eise Likör freeën.Da kënne mer vun hei aus jo nëmmen nach soen: Prost!"*

*Frank WEYRICH*



# Mir gratuléieren









## *Dem John Haas alles Guddes zum 80. Gebuetsdag*

**Den 19. Juli 1941 koumen zu Houschent Zwillingen op d'Welt: de John an den Aloyse Haas. Den Aloyse ass virun 18 Joer gestuerwen, mee de John huet dëse Summer säin 80. Gebuertsdag gefeiert.**

Déi dräi Schäffe vun der Gemeng hunn et sech net huele geloosse fir dem John fir säi ronne Gebuertsdag déi beschte Gléckwënsch ze iwwerbréngen. E puer Anekdoten aus dem John sengem Liewe sollen hei verzielt ginn. Well e matten am Krich op d'Welt koum, huet e fir d'alleréischt en däitschen Numm kritt. Als Johann Haas huet en déi éischt Joer vu sengem Liewe verbruecht, ier en duerno op Jean geännert huet. Am Alldag ass dat zwar egal, well e gëtt souwisou John genannt. Zum Enn vum Krich hat d'Schicksal et gutt mat him gemengt. An der Rundstedt-Offensiv huet säi Papp eng schicksalhaft Decisioun geholl. En ass mat der Famill vun Houschent op Betzder geplënnert. Dat war eng gutt Saach, well den Dag nodeems se aus hirem Haus eraus waren, krut dat e Volltreffer a louch an Trümmeren.

Seng zukünfteg Fra huet en zu Guedber op engem Bal kenne geléiert, wou ganz vill Leit waren. Nach haut geckst e wann en zu hir seet: „Ech hunn dech hannert enger Dir kenne geléiert."Op Chrëschtdag 1971 hu se sech bestuet a fënnef Joer duerno si se op Angelsbierg geplënnert, wou se bis haut nach wunnen.

De John huet eng grouss Leidenschaft an dat ass d'Juegd. Wann e vun enger Marcassinszoossiss schwätzt, da kënnt en an d'Schwäermen. Do erkennt een dann och de fréiere Metzler, deen zu Miersch an zu Esch am Schluechthaus geschafft huet. An deem Sënn wënsche mir him da fir d'Zukunft nach vill gutt Zoossissen.

*De Schäfferot*



**ADMINISTRATION**
**COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

| **COLLÈGE ÉCHEVINAL** | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |
| **SECRÉTARIAT COMMUNAL** | |
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |
| **BUREAU DE LA POPULATION** | |
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |
| **RECETTE COMMUNALE** | |
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| **SERVICE TECHNIQUE** | |
| technique@acfischbach.lu | |
| **SERVICE FORESTIER** | |
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |

## SMS2CITIZEN

De Service „sms2citizen" ass ee gratis Service deen et de Gemengen erlaabt wichteg Informatiounen un d'Bierger wieder ze ginn. Och d'Gemeng Fëschbech notzt dëse Service vum Gemengesyndikat SIGI a gëtt all de Bierger esou d'Méiglechkeet sech gratis beim Service „sms2citizen" un ze mellen.

Schreift Iech an ënnert sms2citizen.lu

Le service «sms2citizen» est un service gratuit qui permet aux communes de fournir des informations importantes aux citoyens. La commune de Fischbach utilise également ce service du syndicat intercommunal SIGI et donne à tous les citoyens la possibilité de s'y inscrire gratuitement.

Inscription via sms2citizen.lu

Bei dem Nachrichtendienst „sms2citizen" handelt es sich um einen kostenloser Service, der es Kommunen ermöglicht, Bürgerinnen und Bürgern wichtige Informationen zukommen zu lassen. Auch die Gemeinde Fischbach nutzt den Nachrichtiendienst des interkommunalen Syndikats SIGI und bietet allen Bürgerinnen und Bürgern somit die Möglichkeit, sich kostenlos beim sms2citizen-Service zu registrieren.

Registrierung unter sms2citzen.lu

# Manifestatiouns-kalenner

Wann wärend de nächste Wochen a Méint nees gréisser Manifestatiounen dierfe sinn, gi mir dës Informatiounen natierlech iwwer eisen Internetsite oder eis Facebooksäit weider

**www.acfischbach.lu**

Gemeng Fëschbech




Naturpark Mëllerdall Geopark

25 JOER 1995-2020
Klima-Bündnis Lëtzebuerg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité et des Travaux publics